

Eng Kaz aus Lehm

Material: Lehm
Messer
Eppes spatzes

Keramikewen

Duerchfeierung: D'Kanner kréien e Stéck Lehm a rullen et als deck Wuurscht zesummen. Dono gëtt op all Säit an der Mëtt ageschniidden, d'Been geformt a liicht ausenee gediebelt. De Kieper gëtt opgestallt.

Aus enger Bull formen d'Kanner de Kapp a ritzen Aën, Nues a Schurres an. Den henneschten Deel vum Kapp gëtt opgeraut a mat e bësse Waasser mam Kieper verbonnen. Da gëtt nach eng Strull fir de Schwanz gerullt an och un de Kieper gepescht.

No 2 Wochen Drëchenzäit, gëtt d'Kaz bei +/- 1000 Grad gebrannt.

